



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :

13 SEP. 2019

1202

Lëtzebuerg, den 13/09/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bleden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Justiz weiderzeleeden.

Den Artikel 6 vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun beseet, dass all Mënsch viru Geriicht ee Recht op Verdeedegung duerch een Affekot huet. Mënschen, déi sech keen Affekot leeschte kënnen, hunn ee Recht op een Affekot, dee vum Staat bezuelt gëtt.

D'Dispositiounen vun der Europäescher Mënscherechtskonventioun goufen zu Lëtzebuerg am Artikel 37 vum Gesetz vum 10ten August 1991 iwwert de Beruff vum Affekot souwéi säi Reglement Grand-Ducal opgeholl. De Reglement Grand-Ducal definéiert, wee Beneficiaire vun der Assistance judiciaire ka ginn.

Während et selbstverständlech ass, dass Persoune mat engem Mindestloun oder mam REVIS hiren Affekot gestallt kréien, ass de Prozess fir Persoune mat engem soi-disant "normale Salaire" mat immensen Onkäschte verbonden. D'Käschte vun engem Affekot variéiere vu Fall zu Fall, soudass fir Normalverdiener eng Streitaffär viru Geriicht schnell zu héijen Affekotskäschte féiere kann, déi fir Persoune mat engem mëttlere Salaire zu enger grousser Belaaschtung féieren. Am Koalitiounsaccord huet d'Regierung ugekënnegt, den Accès fir d'Assistance judiciaire op Basis vu progressive Kritäre wëllen ze erweideren (Säit 19 vum Koalitiounsaccord).

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Op wéi engem Stand ass de Projet fir eng Erweiderung vum "Accès à la Justice"? Wäert de d'Regierung de Projet per Reglement Grand-Ducal duerchféieren oder wäert de Justizminister der Chamber ee Gesetzesprojet virleeën? Bis wéini ass domadder ze rechnen?
2. Ass de Justizminister des Weideren der Meenung, dass d'Affekotskäschte per Gesetz oder Reglement missten transparent definéiert sinn, ähnlech wéi et bei Consultatiounen an der Medezin de Fall ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu